N°7555
Entrée le 06.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.02.2023

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2023

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an Immigratiounsminister, un d'Madame Banneminister an un den Här Tourismusminister weiderzeleeden.

Am ganze Land ginn et Hoteller déi net méi hirer ursprénglecher Vocatioun am Kader vum Tourismus noginn, ma exklusiv Refugiéen ophuelen. Et ass *a priori* unzehuelen dass doduercher d'Gesamt-Zuel vun den Hotelszëmmere, fir d'Touristen am Land, erofgaangen ass, jiddefalls mol a verschiddene Kategorien vun der Offer.

An deem Zesummenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Hoteller sinn an deene leschten 10 Joer op des Manéier ëmfonctionéiert ginn an déngen haut exklusiv oder prioritär als Foyere fir Flüchtlingen (DPI oder BPI)?
2. Wéivill Hoteller sinn no Regioune betraff an no wat fir enger Präiskategorie?
3. Wéi war de Stand vun all den Hotelszëmmeren zu Lëtzebuerg virun 10 Joer, a wéi ass den aktuelle Stand, no Präiskategorie?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 7555
Entrée le 01.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Immigratioun- an Asylminister an Tourismusminister op d'parlamentaresch Fro 7555**
**vum 6. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. **Wéivill Hoteller sinn an deene leschten 10 Joer op des Manéier ëmfonctionéiert ginn an déngen haut exklusiv oder prioritär als Foyere fir Flüchtlingen (DPI oder BPI)?**

   Stand haut gebraucht den ONA 5 Hoteller als Ënnerkonftsstrukture fir Leit déi internationale Schutz ugefrot hunn.

2. **Wéivill Hoteller sinn no Regioune betraff an no wat fir enger Präiskategorie?**


   - 1 Hotel befënnt sech am Kanton Lëtzebuerg
   - 1 Hotel befënnt sech am Kanton Dikrech
   - 1 Hotel befënnt sech am Kanton Gréiwemaacher
   - 2 Hoteller befannen sech am Kanton Iechternach

   D'Generaldirektioun fir den Tourismus féiert keng Leschten no Präiskategorie. Esou wéi de Code de la Protection du Consommateur et awer virgesäit, si Präisser fir Hotelszëmmere bei Interessi vum potentielle Client beim jeeweilegen Exploitant ausgeschëldert, respektiv op Nofro zougänglech.

3. **Wéi war de Stand vun all den Hotelszëmmeren zu Lëtzebuerg virun 10 Joer, a wéi ass den aktuelle Stand no Präiskategorie?**

   D'Generaldirektioun fir Tourismus féiert keng Lëschte vun Hotelszëmmeren no Präiskategorie.

   Laut Statec goufen et 2013 am Ganzen 7862 Hotelszëmmeren zu Lëtzebuerg, am Joer 2022 goufen et 7678 Hotelszëmmeren. Opgespléckt no Regioune gesäit et folgendermoossen aus:




Lëtzebuerg, den 1. März 2023

Den Aussen– an Europaminister

(s) Jean Asselborn